11. Wanterliesunge vum LSV

Wéi all Joer organiséiert de Lëtzebuerger Schréftstellerverband och 2001 seng Wanterliesungen am Konschthaus beim "Engel" um Fëschmaart an der Stad. Et liesen all Kéier dräi Auteuren, déi vu Museker begleet ginn. Den Ufank ass ëmmer ëm 20.00 Auer. Den Entrée ass fräi.

Méindeg, den 29. Januar 2001:

André Antony, Guy Helmiger, Nico Helminger. Musek: Paul Aniset a Gérard Bintner.

Méindeg, de 5. Februar 2001:

Josy Braun, Josiane Kartheiser, Guy Wagner. Musek: Guiliano Arpetti a Konrad Troost.

Méindeg, den 12. Februar 2001:

Angela Boeres-Vettor, Lydie Botzem, Giulio-Enrico Pisani. Musek: Cary Greisch.

nico helminger

zeltfest

jo, monnerech, sote mer. orchester los papageios. oder eppes an deem genre. mat iergendengem heino, deen däitsch schlagermusek zum beschte ginn huet. an heiansdo och an de mikro geräpst huet, fir d'leit laachen ze doen.

- mer hätte gläich rëm solle goen, seet de georges.

am zelt huet et no béier gefacht, no kalem wirschterchesfett an nom schweess vun de leschten zwanzeg fester, déi ënnert desem zirkusdaach gelaf sinn. de muuscht vun zwou dozen duerfkiirmëssen. an op emol soutzen d'negeren do. de mike, den zulu an nach een an hun domm gemault. den zulu hat sech en neie paltong kaaft. schassgiel mat engem bloe revers. si sinn sech zimlech dichteg virkomm, hu sech fir déi schéinst gehal a mat den duerfmeedercher de geck gemaach. dat war a sech net sou schlëmm, well mär hun zimlech dat selwecht gemaach. vläicht koum dohir eng gewëss rivalitéit tëscht eis op. wéi och ëmmer, op emol ware mer am gaang eis mat hinnen ze zermaulen. dobäi ka kee soen, mer hätten eis et gesicht. sou topech ware mer net, eis mat hinnen unzeleeën. scho guer net, wou den néckel net derbäi war.

den néckel war deen zoliddste vun eis, hat och eng zäit judo gemaach; bis bei déi brong ceinture hat en et gepackt, hat du awer net méi deen néidegen éiergäiz oder och keng loscht méi. séng statur an eben och de judo hun him eng gewëss sécherheet ginn. a wann et mol brënzleg gouf, dann huet ëmmer ee vun eis den néckel virgeschéckt.

- pass op, heen ass am judo!

dem néckel ass an sou situatiounen selwer den aasch gaang, awer heen huet séng roll gutt gespillt, an d'kläpperei blouf meeschtens aus.

- mer hätten den néckel sollte matbréngen, sot de marc.

- mer hätten domm gelaacht, sot den zulu.

- net datt ech wéisst, sot ech.

- gelaacht vläicht, awer net domm! sot de georges zu mär.

- la dernière fois, sot den zulu, tu te rappelles?!

- ech weess net, wat hee mengt, sot ech zum georges.

- tu t'es foutu de sa gueule! sot den zulu opgereegt an huet mam kënn op de mike gewisen.

- it was a joke! sot de georges.

- qu'est-ce-que tu dis? huet den zulu gebirelt.

- écoutez! sot ech, wollt du iergend eppes soen, fir fridden ze stëften, koum awer net méi derzou, well deen drëtten, deen niewent dem mike gelauert huet, op emol opgesprong ass an dem georges eng knätsch mat der fauscht an d'gesiicht geschlon huet. de georges ass ratsch ëmgefall. dat huet dem neger du guer net gefall; heen hätt wuel gär méi laang op him rëmgeboxt, well heen huet de georges mam kolli geholl a probéiert en rëm an d'lut ze hiewen. dobäi ass e mat sénge schwéiere schung um georges séngem neie kissinger-brëll* erëmgetrëppelt. glécklecherweis huet de mike en du zeréckgehal an en iwwerriet de mätsch sinn ze loossen.

ech hun dem georges op d'been gehollef. dem georges ass d'blutt aus der nues gelaf, wéi wa bannen een e krunn opgedréit hätt. de marc huet em säi brëll, besser gesot, dat wat nach dervun iwwreg blouf, opgeraaft an ech hun him mäin nueschnappech gereecht. de georges huet e puermol geschnauft a lues gesot:

- dat berapps de, mäi léiwe jong, dat berapps de!

wéi en e bësse méi zou sech war a festgestallt hat, datt säin neie kissinger-brëll totale schued erlidden hat, sot e ganz haart, bal verzweifelt zum neger:

- fils de pute!

- nee, nee! hun ech gejaut, lo gëff der net nach eng!

den neger hat schon rëm eng fauscht gemaach an huet gebirelt:

- tu dis?! tu dis?!

- c'est bon, sot den zulu, calmons-nous!

mër ware frou, datt en op emol sou verstänneg war, well wann et eng richteg kläpperei gi wär, hätte mär net vill ze radette gehat. hëchstens wéint der éier hätte mer eis geschlon.

- hee bezillt mer dat! sot de georges an huet de rescht vu séngem brëll bemustert. d'glieser ware futti an d'gestell an der mëtt gebrach. net méi ze gebrauchen. de georges, dee säi schued wollt bezuelt hun an en dofir onbedéngt direkt wollt notéiere loossen, huet bei engem vun deene schmuddelege garçonen no der police gefrot. de garçon huet déck bake gemaach, d'schëllere gehuewen an mol op den ausgank gewisen. mer duechten, virun der dir séitz vläicht eng patrull an hirem won sech ze langweilen. 't war awer wäit a breet näischt ze gesinn.

- gi mer telefonéieren! sot de georges mat der nues an der luucht. heen huet ëmmer rëm de kapp no hanne gehal, well d'bludden einfach net wollt ophéieren.

- du wäärs se jo net gebrach hun! sot de marc.

- dat géif sécher méi wéi doen, sot de georges.

vu wäitem hu mer d'béierreklamm vun engem bistro gesinn a gongen drop lass. wéi mer erakoumen, goufe mer gläich schif bekuckt. de georges hat d'blutt iwwert d'ganzt gesiicht geschmiert an och d'hiem an de paltong haten eppes matkritt. an ech hat blutt un den hänn. vum bluddegen nueschnappech, dat de georges mer zréckginn hat. d'madamm hannert dem kontuar huet ouni de bléck vun eis ze loossen hiren tipp erbäi geruff:

- fränz! frähänz!

hire frähänz war direkt do. e fettsak vun engem wiirt mat engem vu soff an ekel opgeschwollene gesiicht.

- ja? sot en an huet eis mat sénge schwéngsguckelcher bekuckt wéi wa mer den aussaz hätten.

- mer géife gär telefonéieren, sot ech.

- telefonéieren? frot de fränz, wouhin?

- op d'police, sot de georges e bëssen ze séier.

de fränz huet nee gewénkt, ganz lues de kapp hin an hir goe gelooss a mat der zong en nervöst geräisch derbäi gemaach.

- heen ass blesséiert, sot de marc, se hun him de brëll futti geschlon!

- bulli! huet de fränz du geruff, e bëssen am toun wéi séng fra virdru frähänz geruff hat, an hannert dem kontuar koum e sabbelege boxer erausgekroch an huet mat den zänn gefletscht.

- mer wëlle just telefonéieren, sot ech nach eng kéier.

- mer wëlle keng schwieregkeeten, sot dem fränz séng madamm.

- dat gët et dach net, sot de marc, hei schloen d'negeren een zesummen an dann däärf een mol keng hëllef huelen!

- maacht iech raus, sot de fränz an huet nach emol säi bulli mat den zänn fletsche gedon.

mer gongen eraus, bei de kapp gestouss wéi selen.

- dat gët et dach net! sot de marc nach eng kéier.

- gesinn ech sou schlëmm eraus? frot de georges.

- déi halen eis fir schwéierverbriecher! sot de marc.

- schwéierverbriecher, déi par force wëllen d'police uruffen! sot ech.

eng koppel koum eis entgéint a mer hu gefrot, wou nach e bistro wär. si hun eis gesot, datt mer e bësse méi wäit ëm den eck nach ee kënnte fannen.

awer am zweete sollt et eis net besser goen wéi am éischten; dat hate mer nu wierklech net erwaart. d'meedchen, dat zerwéiert huet, hat eis schon den telefon dohi gestallt, wéi de patron séier d'hand drop geluegt an en rëm zréckgezun huet. heen hat mattkritt, datt mer am telefonsbuch no der nummer vun de flicke gesicht hun. allem uschäin no haten déi monnerecher wiirtsleit eng heedenangscht virun de flicken. näischt ze maachen.

- där géift een einfach hei sou frecke loossen! sot de georges rosen.

de wiert huet näischt geäntwert an op d'dir gewisen.

- solle mer se rausgeheien? frot en tipp, dee matt kollegen de kontuar gestäipt huet.

- mer gi besser! sot ech.

sou eppes hate mer nach net erlieft. monnerech war allem uschäin no d'nascht vun de schlappschwänz par excellence, en duerf vu krätzbéck, kretängen a feiglingen. déi verschassenst plaz op der welt. zumindest fir déi dräi tippen, déi an där nuecht no engem telefon gesicht hun. vun do un hate mer dann och deen neien ausdrock op lager; fir e feigling sote mer ënnert eis:

- heen ass wiirt zu monnerech.

bleiwe mer awer gerecht a soen, datt et am drëtte café geklappt huet. allerdéngs war de georges do guer net mat eran.

- sécher kënnen se hei och kee blutt gesinn, hat de marc gesot.

ech stung mat him um kontuar, a mer hun en humpe gedronk. sou ganz niewebäi hun ech du nom telefon gefrot. an nom telefonsbuch.

well mer ënnert der monnerecher nummer u kee flick komm sinn, hun ech op esch telefonéiert. zu esch soten se mer, si wären nëmme fir hir gemeng zoustänneg. da misst ech mech schon un d'gendarmerie wenden. an der tëschenzäit war och de georges, deem d'zäit dobausse laang gi war, erakomm. hee gouf droleg bekuckt, krut awer säin humpen zerwéiert. elo konnt keen eis méi erausgeheien. déi escher gendaarmen sote mer schliisslech, datt, wann et net méi schlëmm wär, si sech och net géifen derangéieren. no dräivéirel stonn telefon ware mer ëmmer nach bei null. hun nach e béierche gedronk a sinn zréck bei den auto getrëppelt.

am zelt hun ëmmer nach d'los papageios gespillt. mer haten den ekel. ir mer an den auto geklomm sinn, huet de goerges nach eng kéier haart geruff:

- schäiss monnerech! houer negeren!

a mer si lass gefuer.

~~aus der erzielung lëtzebuerger léiwen~~ (bis elo nach net publizéiert)

**d'geschicht spillt an de siwenzeger joeren an de georges as e bewonnerer vum deemolegen amerikanesche presidente-beroder henry kissinger.*